N°474
Entrée le 12.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch an vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 474 vum 14. Mäerz 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Zur Fro 1:

D'Fluchstonnen, déi an de leschte 4 Joer am Kader vum EATC/ATARES Programm fir den Transport vu Regierungsmemberen, oder dem Grand-Duc, benotzt goufen, deele sech follgendermoossen op:

| Bénéficiare | Fliger Typ | Fluchstonnen Equivalent Flying Hours* |
|---|---|---|
| SAR le Grand Duc | Falcon FA 7X | 3 |
| Ministère d'Etat / Premier Ministre | Falcon 2000S / 900DX /FA 7X<br>Embraer Legacy 600 / 650<br>Gulfstream G4<br>Boeing KC 767A<br>Bombardier CRJ200<br>Embraer ERJ 145<br>Cessna Citation 680A<br>Cessna 525B | 117.3 |
| MAE / Ministre des Affaires étrangères | Falcon FA 7X<br>Embraer Phenom 100 / 300<br>Gulfstream G4<br>Cessna 525A | 34 |
| MAE / Ministre de la Défense | Falcon FA 7X<br>Airbus A321<br>Embraer 135<br>Dornier 328<br>Cessna Citation 680A | 38.2 |
| MAE / Ministre de la Coopération | Embraer 135 | 22 |

* D'EFH sinn ee Referenzwäert fir d'Comptabilitéit vun den Fluch Stonnen am ATARES (Air Transport and Air Refueling Exchange of Services) Programm. Eng EFH ass den Equivalent vun enger Fluchstonn vum Fliger Typ Hercules C130. An engem techneschen Arrangement sinn d'Multiplikatiounsfaktore fir all Fliger definéiert. Zum Beispill, eng Fluchstonn op dem A400M ass 2 EFH wäert, méi kleng Fliger vum Typ Learjet sinn zwëschent 0,5 an 1 EFH wäert. D'Gesamtkäschte an EFH ginn berechent andeems déi reell Fluchstonnen multiplizéiert ginn mam Faktor vun der Aart vum Fliger deen an den Asaz koum..

Zur Fro 2:

Am Kader vum EATC sinn insgesamt 132 EFH genotzt gi fir aner Zwecker. Dës Flich hunn haaptsächlech an engem internationale Kontext (EU, NATO oder UNO) stattfonnt a ware logistescher (Transport vu Militär an Equipementer) an humanitärer Natur (Evakuatiounen, Transport vun humanitäre Gidder).

D'Stonnen, déi am Kader vun der bi-nationaler A400M Unitéit fir belsch oder Lëtzebuerger Missioune geflu ginn, falen net an des Comptabilitéit. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 222 preziséiert, sinn an deem Kader säit 2020 méi wéi 6.400 Stonne geflunn ginn.

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2024.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes